

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box	
Bestell-Nummer:	13000LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidistéck:	3 Akte
Bünebiller:	1 Außenkulisse
Spildauer:	130 Min.
Rollen:	10
Frauen:	6
Männer:	4
Rollensatz:	11 Hefte
Preis Rollensatz	152,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13000LU

Dat mécht de Kabes och net fett

(Kaméidistéck an in 3 Akten

von

Helmut Schmidt

Übersetzung von Jos Weimerskirch

10 Rollen für 6 Frauen und 4 Männer

1 Bünebild (Baussekullis)

Zum Inhalt:

Sou wéi all Joer Enn September dréint sech zu Mënscht un der Rapp (Manscheid/Rapp) alles em de Kabes, genauer gesot em d' Choucroutte. Den traditionelle Kabes- Uschnëtt, soll dëst Joer beim Bauer Toussaint, senger Fra Emma a sengem Bouw Christian sinn. Obschonn et en Organisatiounskomitee fir d' Fest gëtt, huet d' Emma heemlech organiséiert, dass dëst Joer fir d' éischt an der Geschicht vun traditionelle Fest eng "Miss Choucroutte" gewielt sollt ginn. Et gëtt schonns am Ufank heftig Sträit tëscht den 2 Kandidatinnen well d' Leit aus dem Duerf tëschent der plomper schonn 60 Joer aler Susy Sangaklang an der jonker Influencerin Laura Molitor viele kënnen. Zu weidere Reiwereien kënnt et tëschent der Famill Toussaint an dem Organisatiounskomitee vum Fest well obschonn de Komitee genau definéiert huet wat fir Buden opgestallt sollte ginn a wat fir Aktivitéite stattfanne sollten, huet d' Famill Toussaint hir eegen Zëppchen gekacht. D' Emma huet eegestänneg di berühmten Schlager Sängerin Andrea Berg fir en Optrëtt vun enger Stonn zum Präis vun 10.000 € engagéiert. Hire Bouf, de Christian, hofft endlech fir de 70 järege Gebuertsdag vun sengem Papp de Betrib ze iwwerhuelen. De Jamper wëll esou séier wéi méiglech de Café am Haus opmaachen an de Gîte beleechen. Hien wëll eréischt dann den Haff un de Bouf weiderginn, wann dee bis bestuet ass. Di éischt Bewunner vum Gîte, (d' Geschwëster Van der Putte), mëschen sech an, a 24 Stonnen virum Uschnëtt seet di gebuchte Schlager Sängerin aus gesondheetleche Grënn of. Lo heescht et improviséieren. De Noper Martin Fink quäält sech schonn zënter Joren, dass hien am falsche Kierper ass, an hien outet sech ausgerechent bei, der Mod (Angela Ney), wat schonns zënter Joren fir hien schwärmt. Well de Martin souwisou gär sengt, zwéngt d' Emma hien fir d' Sängerin anzesprangen. Mee wat ass mam Christian? Kritt hien endlech eng Fra, fir dass hien de Betrib iwwerhuel kann? oder spillt säi Papp just e spill mat him? A wien gëtt zu Mënscht/Rapp di éischte Miss Choucroutte? An dat gëtt et zum Schluss och nach d' Kandidat/in Nr 3?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Bühnenbild: D' Bühnebild ass eng bausse Kuliss. Den Terrain vum Kabesbauer Toussaint. Lenks op der Bühn gesäit een d' Hausfront vun der Famill Toussaint, eng dir an eng Fënster. Niewent der Dier oder ënnert der Fënster eng Gaardebänk mat Dësch a Still. Op der anerer Séit och en Deel vun engem Haus mat 2 Dieren, di hënescht féiert an de Gîte di mëttelst an de Café, deen awer eréischt opmaache soll. (Dës Dier ass am 1ten Akt ass Niewendier a sollt aarmséileg ausgesinn. Et kann och just e Briet sinn). Di lenks Dier kann no Wonsch vum Bühnebauer agericht sinn mat Bréifkëscht, Luucht, Kulang Blummebeet oä.. Et gesäit ee keen Aarmut awer och keen iwwerdriwwene Wuelfstand. Am Hannergronn gesäit een de Flouer, evt. d' Felder vum Kabesbauer. No hanne lenks a riets hannert de Fassaden ginn aus an op Gäng fir op d' Bühn.

Persounen

Persounen	Beschreibung	
Emma Toussaint	Bauerefra, dem Jamper seng Fra	
Jamper Toussaint	Kabesbauer dem Emma hire Mann (ca. 70 Joer)	
Christian Toussaint	Dem Jamper an dem Emma hire Bouf	
Angela Ney	Mod um Haff Toussaint	
Susy Sangaklang	1t. Kandidatin fir d'"Miss Choucroute"	
Laura Molitor	Influencerin a Kandidatin vun der "Miss Choucroute"	
Martin Fink	Dem Bauer Toussaint hire Noper	
Berta Van der Putte	Tourist 1 am Gîte	
Lilo Van der Putte	Tourist 2 am Gîte	
Jean Metz	Präsident vum Organisatiounskomitee	

1. Akt

(Wann d' Ridde opgeet steet de Jamper uewen op enger Lieder an ass grad fäerdeg mam montéieren vum Schëld "Café", "Café Toussaint", "Kabes-Café" o.ä. E klëmmt vun der Lieder erof a begutacht säi Wierk vu Wäitem. Et ass en Dag Nomëttes matzen an der Woch, ronn 2 Wochen virum Mënschter Kabesfest.)

Szeen 1 (Jamper, Christian, Susy)

Susy *(kënnst rosen aus dem Haus a leeft hanne riets eraus. Et ass op seng Manéier schwéierfällig an huet och keng zäitgeméiss Kleeder un, mee éischter faarweg net zesumme passend Kleeder. Et ass awer léif a verletzlech. Et jäizt zu der Dier vum Haus):* Du bass esou blöd Christian Toussaint, du kanns mech am Aresch lecken. Mat Daer schwätzen ech ni méi am Liewen e Wuert, dass Du et weess, du Blödian.

Christian *(quasi mam Susy aus dem Haus, d' Situatioun ass him e bësse penibel well säi Papp grad virun der Dier steet, vun der Dier aus):* Du bass awer séier getouft, dat war jo just Spaass.

Susy: Jo, jo, dat kanns Du denger Bom verzielen.

Jamper *(erkennt d' Situatioun a bleift ganz cool):* Susy, déi ass leider schonns dout. An elo so, fir wat bass du esou rosen?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Christian (séier): Looss et Papp, du kenns dach d' Susy Sangaklang. Et mécht dach aus all Méck en Elefant.

Susy: ECH? So, ech iwwerdreiwen dach ni. A maachen scho guer net aus enger Méck en Elefant. Du bass gemeng, DAT ass de Punkt. Erziel et dengem Papp, dee soll dat roueg wëssen. Allez so him wat s du maer gesot hues. Oder soll ech him et soen?

Jamper: Christian, ech héieren?

Christian (et ass him penibel dat elo viru sengem Papp ze soen): Also gudd. Obschonn et 2 Éieren Kabes-Presentaticë gëtt, soll dëst Joer während de Mënschter Kabes Deeg eng "Miss Choucroutte" gewielt ginn. Wat och ëmmer dee Kabes soll.

Jamper: Ech weess, deng Mamm huet dat lancéiert. Jo an?

Susy: Ma ech hunn elo grad meng Kandidatur gestalt.

Christian (ka sech d' Laachen net verquëssen): Jo genau.

Susy: Lo laacht dee scho nees. A weess de Jamper wat dee feine Kärel zu maer gesot huet?

Jamper: Nee?

Susy: Ech dierft dat net verwiesselen mat de Figuren op der Geeschterbunn op der Fouer. *(fänkt u mat kräischen an hält sech d' Hand virun d' Gesiicht)*

Jamper (kuckt rosen op de Christian a geet zum Susy, hien leet en Aarm ëm se): Komm kräisch net, de Christian huet dat sécher net esou gemengt. *(däitlech)* Gell Christian!!!

Christian (verleeën): Nee, nee dat war net esou gemengt. Wierklech net. Et deet maer leed.

Susy: An DANN, da sot hien nach, d' Miss Choucroutte misst ëmmerhin eppes Weibleches hunn, ech wier zu iwwer 90 % Masuklin.

Christian: Susy, MASKULIN heescht dat.

Susy: Ma dann eben ESOU, de Christian sot wann ee wéi ech meng Kandidatur stelle kéint, da kéint hien selwer jo och kandidéieren.

Christian: Also, villäicht net grad esou ...

Susy Dat ass frech ongehuwwelt, an deet maer wéi.

Szeen 2 (Jamper, Susy, Emma, Christian)

Emma (kënnst aus dem Haus): Jamper gëss de eens mam Schëld? *(gesäit d' Situatioun a geet zu deenen zwee)* Oh nee, lo huet den Christian et och nach fäerdeg bruecht, dass du kräichs, wat ass dat och fir de Grobian. Maach der näischt draus, ech

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

fannen, dass een do scho Courage muss hunn fir sech esou zu enger Wal ze stellen. De Jamper an ech wënschen der vill Gléck. An DU Christian?

Christian: Jo, Jo genau, ech wënschen der och vill Gléck. Ech muss elo och nees schaffe goen, d' Zelt vum Fest soll nach haut geliwwert ginn. (*séier fort an d' Haus, zu sech selwer*) Merde alors

Szeen 3 (Jamper, Susy, Emma)

Susy: (*berouegt sech séier, elo nees gudd gelaunt*) Ech kandidéieren. A wien weess, villäicht gewannen ech och. – Emma ass et wierklech wouer? D' "Miss Choucroutte" kritt de ganze W.E. gratis z' iessen an ze drénken an ausserdeem och nach e Präisgeld vun 5.000 €?

Emma: Genee. Déi Reegelen hunn ech opgestallt.

Susy An e Sonden während dem Cortège ginn ech di ganzen Zäiten an enger Päerdsutsch ronderëm gefouert, an d' Zeitung kënnt a photographéiert mech? A wann ech gewielt sinn, däerf ech maer och e "Mister Kabes" eraussichen? Dat ass dann de ganze W.E. mäin!!!

Emma: Richteg.

Jamper: Susy, sou huet meng Fra decidéiert. Also d' Stëmme vu maer an dem Emma hues de schonn. Awer ... (*leet de Fanger op de Mond*) Psssst.

Emma: "Vum Emma a maer" heescht dat.

Jamper: Dat mécht de Kabes och net fett.

Emma: Susy, du bass bis ewell dat éischt, mee du weess jo, dass sech do och nach aner melle kënnen.

Susy: Jo, ech weess, mee wa sech keen anert mellt, da brauch ech mol net gewielt ze ginn, da sinn ech automatesch d "Miss Choucroutte" gell?

Jamper: Jo, mee et kënne sech jo nach aner mellen, a falls de net d' Miss Choucroutte solls ginn, an 2 Joer brauche maer nees nei Leit am Organisatiounskomitee. Dat wier dach och eppes fir dech. An du weess jo - "Dabei sein ist alles".

Susy (*frëndlech*): Genau esou gesinn ech et och. Merci, dass Daer mech ënnerstëtzt. (*dann nees sec*) Mee dem Christian verzeien ech ni, dass hien esou eppes gesot huet. - Lo muss ech nees weider. Ech hu jo och net méi vill Zäit. Ech muss maer dringend Gedanke iwwer mäi Kleed maachen. Ech wëll jo gudd ausgesinn. An esou e markanten Optrëtt loossen ech maer och nach afalen.

Emma: Maach dat. A wann s de Hëllef brauchst, da komm nees gäre laanscht.

Susy: Maachen ech. - Äddi. (*fort, no hanne riets*)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Szeen 4 (Emma, Jamper)

Emma: Dat Aarmt. Jamper du kanns der net virstellen, wéi frou ech sinn, dass ech mat normalem Verstand op d' Welt komm sinn.

Jamper: Jo ech och. Si huet esou vill Freed un der Saach. A si mécht wéinstens eppes aus hirer Fräizäit. An dofir gëtt et jo och Zäit, dass du endlech e seriöt Wuert mat eisem Bouf schwätz. *(rifft haart zum Haus)* C H R I S T I A N !!!

Szeen 5 (Emma, Jamper, Christian)

Christian *(kënnt nees aus dem Haus, bleibt an der Zarge vun der Dier stoen):* Jo wat ass? Ech hunn dem Susy "Pardon" gesot, an elo wëll ech d' Béierzeltgarnituren beim Wallers bestellen.

Jamper *(däitlech a richtig haart):* Dat huet nach Zäit. Maer sollten haut fir d'éischt de Café banne fäerdeg maachen. Mee elo mol fir d' EISCHT en eescht Wuert.

Christian *(scho licht erfreet):* A jo? O Papp, ech ka maer schonn denken wat s Du maer soe wëlls.

Jamper: Jo?

Christian: Jo! Ëmmerhin waarden ech scho méi wéi 5 Joer dorobber.

Emma *(kann sech schonn eppes denken):* Ech äh ... loosse aech emol kuerz aleng *(geet an d' Haus)*

Szeen 6 (Jamper, Christian)

Jamper: An der Réi Emma. – *(méi eescht)* Sou an elo zu Daer mäi Jong. Mëschter Kabes Deeg sti virun der Dier, a véierzéng Deeg ass et esou wäit. - Den traditionelle Kabes Uschnëtt, deen di ganz Festdeeg opmécht, ass dëst Joer di éischte Kéier bei eis. Dorobber däerfe maer gewaltig stolz sinn.

Christian: Stëmmt.

Jamper: A wéi den Zoufall et wëll, feieren ech genau dee selwechte W.E. meng 70 Joer- Och wann ech nach kierperlech fit sinn, sollt ech drun denken méi kuerz ze trëppelen.

Christian: Papp dat ass meng Ried. Meng Ried - schonn zënter Joren. A wéi wier et wann s Du grad zu dësem Fest, dësen Haff, dengem Jong Christian, also maer -

Jamper: Jo dat wier eng schéin IDDIE.

Christian *(versteet net) :* Ähm Jo. Dat heescht also, dass ...

Jamper: - dass ech mech net mat dësem Gedanken ufrënne kann. Vill méi schéin wier et, wann ech net nëmmen mengem Bouf mee och menger Schnauer de Kabes Haff iwwerschreiwe kéint. Mee dovunner sinn deng Mamm an ech grad esou wäit ewech wéi zum Planéit Neptun.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verlène vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Christian: Mah, ech hunn nach net dat Richtegt fonnt.

Jamper: Pah, net dat richtegt fonnt? Hues Du eis an deene leschten 20 Joer schonn emol EENT gewisen wat iwwerhaupt a Fro géif kommen? Christian, du bass Mëtt 40. Du gees de W.E. net eraus, hues net vill Kolleegen, waars esou gudd wéi ni voll, fällt s net weider op, bass a kengem Veräin an has och nach ni Problemer mam Gesetz. Du fëmms net, hëls keng Drogen. - Jong, mat Daer kann dach do eppes net stëmmen.

Christian: Jo, awer ... Free dech, dass ech esou e Konsequente sinn. Ech sinn duerch an duerch e Kabesbauer. Oder wëlls de behaupten, dass ech schonn eng Kéier e Feeler gemaach hunn?

Jamper: Neeeee. Mee e Liewen kann dach net just aus Kabes bestoen. Ech verstinn dat net Jong, ech war och eng Kéier jonk. Et muss een dach och eng Kéier ... also ech mengen. Männer a Fraen, - do deet sech dach och heiansdo eppes bei jidderengem.

Christian (versteet net): Wat deet sech do?

Jamper: An der Box wollt ech soen.

Christian: A DAT mengs de.

Jamper: Et kann een dat dach net einfach esou ignoréieren. A wann s de ni eng Frëndin hass ... ech mengen Du gees dach net an e ... also, Du bezils jo net derfir, oder?

Christian: Bezuelen? Woufir?

Jamper: Eben. Du weess emol net wouvunner ech schwätzen. A grad DAT ass et wat ech mengen. Vu wiem hues Du eigentlech di Dommheet geierft?

Christian: Papp, dat do war elo och net grad schéin.

Jamper: Wann ech net wéisst, dass deng Mamm eng trei an härezensgudd Fra ass a war, da géif ech mengen, dass du wäers vum Bäcker Hallewgeback wier s.

Christian: PAPP.

Jamper: Ma et stëmmt dach. Mee d' Susy Sangaklang ze beleidegen, DAT kanns de. Dobäi weess du ganz genau, dass d' Susy net esou ass wéi et si soll. Mee mat hire Gefiller huet et manner Suergen wéi s du. Et ass ganz aleng, zënter dass virun e puer Joer hir Eltere gestuerwe sinn. Et ass eng léif Nopesch, wat net onbedéngt di hellste Käerz um Kuch ass - mee wat dat an de leschte Méint hei fir d' Duerf gemaach huet, dat has du an de leschten 10 Joer net fäerdeg bruecht.

Christian: Papp wann ech gelift, du well s jo domadder sécher net undeiten, dass ech eppes mam Susy ufänke soll. D' Susy Sangaklang, kuck der dat dach emol un, do ass jo e Kärele un dem verluere gaang.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Jamper: Interessant, dass Daer dat opgefall ass, an dass Daer iwwerhaupt opgefall ass, dass et en Ënnerscheid tësche Männer a Fra gëtt. –D' Susy mécht hiert Liewen och ouni Männer un hirer Säit., Mee du, Du bass en Dreemert.

Christian (*beleidegt*): Villmools Merci Papp.

Jamper: Wat ass mam Anita – eiser Mod?! Dat schafft scho bal 10 Joer bei eis an ass eng wonnerschéin Fra. Has Du et schonn eng Kéier fir an de Kino, fir en lessen oder fir soss eppes invitéiert? Has Du him schonn eng Kéier e Kompliment gemaach? Nee! Firwat eigentlech net?

Christian: Doriwwer hunn ech maer ni Gedanke gemaach an ausserdeem mécht dat souwisou kee Sënn. D' Anita ass schonn zënter Méint an de Martin Fink verknallt. An huet DEE schonn ugebass ? Nee! Deen ass genau esou wéi ech. Sou lo weess de et.

Jamper: Ma sich der dach elo endlech eng Fra oder weis denger Mamm a maer, dass e richtege Kärel an der stécht. Mach dach EEMOL eppes Verrécktes, fir dass maer iwwerhaupt emol Liewe gesinn, du Kabeskapp.

Christian: Wat soll dat do lo nees? Heescht dat, dass ech fir d'éischt eppes Onanstänneges maache muss, ier ech den Haff iwwerhuelen däerf? Oder wëlls du am Eescht, dass ech mech mam Susy Sangaklang bestueden? Déi kéint jo meng Mamm sinn.

Jamper: Du solls dech net mam Susy bestueden, mee et awer och net beleidegen. Fänk endlech un däi Liewen ze verännern. Wann s du eis DAT beweis, da kënne maer och iwwert e Generatiounswiessel um Haff schwätzen. Ob s du dat awer bis zu mengen Gebuertsdag an 2 Woche fäerdeg bréngs ... ech mengen do geet éischer d' Helene Fischer an de Dschungelcamp. (*schëtzeg fort an d' Haus*)

Szeen 7 (Christian)

Christian: (*steet verwirrt an enttäuscht do, kuckt sengem Papp no, dann aleng*) Mach dach EEMOL eppes Verrécktes? Wat dann? Soll ech en Joint fëmmen, mech duerno voll lafe loossen an duerno d' Susy Sangaklang héi virun der Dier flaach leeën?

Szeen 8 (Christian, Lilo, Berta)

(*D' Lilo an d' Berta si vun hannen riets op d' Bühn komm. Bei grouse Bühnen kënnen se och mam Vélo optrieden. Béid hunn e Rucksak um Réck. Si sinn normal gekleet. D' Lilo a Berta si Geschwëster déi alle béid net bestuet sinn woubäi dat méi Alt (Berta), dat méi sect a méi geessëgt ass. Et setzt d' Lilo oft op d' Dëppen. D' Lilo ass geeschteg méi einfach gestréckt a versicht sech ëmmer nees ongeschéckt géint d' Berta duerchzesetzen. Béid verstinn sech esou gudd wéi guer net, kënnen awer och net aleng.*)

Lilo: Moien.

Berta: Moien.

Christian (*gesäit di 2 elo eréischt*) : Oh gudde Moien.

Berta: Ass dat den Toussaint Haff? Den Toussaint Kabes Haff?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Christian: Jo esou ass et. (*ironesch sec*) Den Haff gehéiert mengem PAPP, well hien alles a sengem Liewe richteg gemaach huet an ech villäicht vum Bäcker sinn.

Berta (*versteet net*): Gelift?

Lilo: Äh - Lilo a Berta Van der Putte. Maer hunn hei en Zëmmer reservéiert.

Christian: Ah jo? Ech ginn emol meng Mamm sichen. Moment. Ech hu leider keng Zäit fir Aech. Ech muss maer eppes Verrécktenes ausdenken. (*fort an d' Haus*)

Szeen 9 (Lilo, Berta)

Lilo: Wat muss hien?

Berta: Hien sot: sech eppes Verrécktenes ausdenken. Sou hunn ech mol verstanen. A wat war dat mam Bäcker? Egal, dat kréien ech och nach eraus.

Lilo (*bleift niewent dem Berta stoen a kuckt sech ëm*): Ech weess net ob dat hei esou schéin ass, wéi et op de Biller war. Ech mengen hei gött et just Kabes.

Berta: Pass dat Daer elo nees net?

Lilo: Ech menge jo just.

Berta: Lilo, dëst ass eis Summervakanz. Fléie wollts du net well do Terroristen am Fliger si kéinten. Am Zuch gött et Daer schlecht wann s de aus der Fënster kucks. Eng Rees am Bus kënnt fir dech net a Fro wëlls de do klaustrophob gëss an en Auto hu maer net. Da bleiwen eis just nach d' Féiss an eis Vëloen.

Lilo: Ech wollt jo just soen.

Berta: Lo si maer vun just vu Breust bis a Lëtzebuerg gefuer. An dat Ziel hate maer eis ZESUMMEN erausgesicht. An elo passt Daer dat och nees net. Wat soll ech blouss mat Daer maachen? Du bréngs mech nach an d' Grav.

Lilo: Et ass jo gutt, ech hu jo just gemengt.

Berta: Jo, Jo, du hues blouss gemengt. Mat klenge Schwëstere huet ee just Problemer.

Lilo: Du muss mech net ëmmer drun erënneren, dass du méi al bass. Dat heescht nach laang net, dass du iwwer mech bestëmmen kanns.

Berta: Ech si méi al an hunn méi Erfahrung. Méi wéi 10 Joer. Léift Lilo. An elo wëll ech näischt méi héieren. Maer maache Vakanz vu Mënscht, dat gött schéin, an elo so näischt.

Lilo: Jo Berta.

Szeen 10 (Lilo, Beta, Angela)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Angela (*eng frëndlech Fra kënnt aus dem Haus. Si huet e Schiartech, huet e Schlëssel un engem Porte-clé, genau esou wéi e puer Formularen an e Stëft. Geet zu deenen 2):* Gudde Moien um Toussaint Haff. (*gëtt béiden d' Hand*)

Berta a Lilo: Gudde Moien.

Berta: Berta van der Putte. An hei ass meng kleng Schwëster d' Lilo.

Angela: Wëllkomm bei eis. D' Madame Toussaint huet grad e wichtegt Gespréich um Telefon. Ech sinn d' Angela Ney a schaffen hei um Haff. Daer hutt hei fir 10 Deeg en Zëmmer gebucht?!

Berta: Richteg. Meng Schwëster ass sech net sécher ob et hei zu enger schéiner Vakanz kënnt. Mee wann ee net fléie wëll an ee sech géint eng Busrees wiert, ... tja, da muss een an de saueren Apel fir seng Schwëster bäissen.

Lilo: O Berta, Du bass esou eppes vun taktlos, weess du dat eigentlech?

Berta: Taktlos? Ech? Also fir MECH wäeren Teneriffa oder Berchtesgaden an di enger Auswiel gefall. Mee dat hues du maer jo verduerwen.

Lilo: Boh, wat kanns du gemeng sinn.

Angela: (*muss schmunzelen*) Daer wäert sécher bei eis zu Mënscht eng schéin Zäit verbréngen. Ech hunn Aech hei eppes mat bruecht. Do steet alles dran wat et hei esou an der Géigend gëtt. An dat ass esou munches. – Schued just, dass Daer no 10 Deeg nees goe musst, well maer hei de W.E. derno d' Mënschter Kabes Deeg feieren. Dat soll ee sech net entgoe loossen. Do steet di ganz Regioun op der Kopp.

Lilo: Ma dat héiert sech dach gudd un. Mengs de net och Berta?

Angela: Warscheinlech kënnt d'Landwirtschaftsministesch. A villäicht och de Premier an den Inneminister. An dass de Kabes-Uschnëtt hei um Toussaints Haff ass, dorobber si maer besonnesch stolz. Ëmmerhin ginn et 53 Kabes Baueren hei am Land déi zesummen 4 Milliounen Kabeskäpp plécken. An da gëtt dëst Joer och fir d'éischt eng "Miss Choucroute" gewielt. Dat huet meng Cheffin organiséiert. Iwwerall gëtt mat Musek gefeiert a gedantz gëtt am Zelt. Am ganzen Duerf wäerte Bude stoen. Dat ass wierklech en Erleefnes.

Lilo: Berta interessant. Gell?

Berta: Jo jo, Musek an Danz kënne ferm op d' Nerve goen. An wann dann och nach Alkohol am Spill ass, kënnen d' Männer gären opdrénglech ginn. Grujeleg wann ech maer dat virstellen. Nëmme fir dass Daer et wësst: Mat Männer wëlle maer näischt dinn ze hunn. Déi hu bis elo just Suergen an d' Liewen vu maer a menger Schwëster bruecht.

Angela: Oh dat deet maer leed.

Berta: Si DAER bestuet?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Angela: Äh nee, sinn ech net. Et gött do zwar een deen ech gären ... wéi soll ech soen ... ëm mech hätt, mee bis ewell huet sech do näischt gedoen. Ech weess och guer net op hien mech gudd leide kann.

Berta: Sidd virsichtig, Madame Ney, Männer bréngen Ongléck an eist Liewen. Gleeft maer et.

Lilo: Berta, maach dach der Madame Ney keng Angscht. Et kann dach gudd sinn, dass dëse Mann deen si wëll ganz anescht ass.

Berta: Männer si Schwäin. Jiddereen. Denk dach blouss un de Rudy an un dësen eekelegen Ronald. Et ass scho méi wéi 20 Joer hir, mee domadder ass elo Schluss. Di Haere menge jo ëmmer wat se wären, mee se hu kee Charakter, se wëllen der Fra just un d' Wäsch a versaufen d' Geld wat MAER schwéier verdéngt hunn.

Lilo: BERTA.

Angela: Nu jee wann Daer scho béis Erfahrungen gemaach hutt ... ech mengen, dass dëse Martin e bëssen anescht ass.

Berta: Aha, Martin heescht en also.

Lilo: Berta, hal elo op am Privatliewen vun der Madame Ney erëmzewullen.

Berta: A, maachen ech dat? Dat ass maer net bekannt. ECH hunn net emol no sengem Numm gefrot.

Angela: Also et goug drëms, ob Daer villäicht nach bis zu de Kabes Deeg bleiwe wëllt.

Lilo: Genau, Berta, villäicht ass esou e Fest emol eppes ganz Schéines fir eis. Wee weess?

Berta: Jo, jo u MAER soll et net leien. Lilo wann s DU dat brauchst, wann ech gelift. Eis dreift no 10 Deeg eigentlech näischt Heem. Kee Mann, keng Aarbecht, keng Déieren ëm déi ee sech këmmere misst ... Wann Daer eis fir 2 ganz Wochen e gudde Präis maacht kéinte maer bleiwen, awer JUST dann.

Lilo: Berta, SIEF DACH NET ESOU KNÉCKEG.

Berta: Ech sinn net knéckeg. Lilo, ech handele hei just e Spuerpäiss aus an halen eis Finanzen zesummen. ECH hu jo bis 65 Joer geschafft a kréie meng Vollrent, mee DU hues wéinst denger Gesondheet ëmmerhin 250 Euro de Mount manner wéi ech?

Lilo: JOOOO, et ass jo gudd. (*ironesch*) Et deet maer jo och leed, dass ech e futtissen Réck hunn.

Angela: Äh, de Präis vu 14 Deeg misst der dann mat der Madame Toussaint aushandelen. Mee VIRUN eisem Kabesfest nees fort ze goen wäer wierklech e Feeler.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Do hanne waer dann äert Zëmmer. *(weist op di hënnesch Dier op der rietser Säit vun der Bühn)* Hei ass de Schlëssel. *(gëtt hinnen en)*

Berta: *(gräift direkt derno, an dat obschonn och d' Lilo ausgestreckt hat)* Villmools merci.

Angela: Dëse Formulaire misst der dann och nach spéider ausfüllen. Mee kommt fir d'éischt emol un a fillt Aech bei eis wuel. Daer sidd iwweregens eis éischt Gäscht. Dat do *(weist op d' Haus)* war d' Elterrenhaus vun der Madame Toussaint. Eréischt viru 4 Wochen ass et duerch eng Restauréierung zu engem Café an engem Gîte ëmgebaut ginn. Just virun eise Kabes Deeg. Et ass alles bannendran nei.

Berta: O, dat ass schéin. Da sinn d' Better wéinstens nach net ofgenotzt.

Angela: Ne dat sinn se net. Daer sidd di éischt déi doranner schlofen.

Lilo: An ärem Prospekt stoung och, dass een aus dem Canapé e Bett maache kéint.

Berta: Lilo, wat soll dat elo? Maer schlofen an engem Duebelbett. Dat versteet sech dach vum selwen. Du bass meng kleng Schwëster, an ech muss en A ob dech hunn.

Lilo: Oh nee ... Du schnaarchs ëmmer sou haart a schwätzt am Schlof. Dat muss ech doheem schonn ëmmer aushalen.

Berta: Ganz pietätvoll dat virun der Madame Ney auszeschwätzen.

Lilo: Jo Berta, heiansdo kann ech genau esou sinn wéis du.

Berta: Tssss ...

Angela: Hm, d' Wiirtschaft ass leider nach net ganz fäerdeg, de Café wäert eréischt an e puer Deeg seng Dieren opmaachen. Mee wann der gären eppes fir z' iessen oder ze drénke wëllt, do brauch der Aech keng Gedanken ze maachen. Dat hu der matgebucht.

Berta: Och wann et hei just Kabes z' iesse gëtt, ech kann esouguer domadder liewen.

Angela: Wann der bis eng Kéier der Madame Toussaint hir Chinakohl Zalot an hire Gehacktes mat Wirsingkabes probéiert hutt, dann denkt Daer sécher anescht doriwwer. Wann Der nach Froen hutt, oder iergendeppes Aech um Häerz läit ... hei ass ëmmer een doheem. Schellt einfach, oder klappt un der Dier. Ech bréngen Aech nach eppes fir ze drénken a wënschen Aech eng schéi Vakanz bei eis. *(huet deen 2 dann och d' Formuläre ginn)*

Lilo: *(gräift dës Kéier méi séier derno wéi d' Berta, an ass e bësse stolz op sech, wéist dem Berta dat mat enger Grimass)* Jaaa-ha - Sou.

Berta: Tsss. *(geet mam Schlëssel bei de Gîte, späert op an dréint sech zum Angela)* Madame Ney, fir den Ufank soe maer emol Merci. Wann nach eppes sollt sinn melle maer eis. *(geet eran)*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Angela: Jo, maacht dat.

Szeen 11 (Lilo, Angela, Stëmm vum Berta)

Lilo: *(geet no bei d' Angela)* Sot, hu der net e puer Stëpp fir an Ouer fir mech? Soss halen ech dat Owes net aus. Ech hu meng leider vergiess. Daer kennt meng Schwëster net.

Angela: Natierlech, ech bréngen Aech se herno.

Lilo: Merci, mee awer esou, dass d' Berta näischt dovunner matkritt.

Angela: Dat ass selbstverständlech, Madame Van der Putte. An ... huelt roueg de Canapé. Setzt Aech emol bei aerer Schwëster duerch.

Lilo *(erfreet):* Jo? Meng Daer dat och? Dat maachen ech. Ech soen Aech merci fir dee Rotschlo. *(ëmaarmt d' Angela séier)*

Berta *(aus dem Gîte, sec):* Lilo kënns de?

Lilo: Jo, jo. *(séier hannendrun dréint sech nach eng Kéier an der Dier ëm an hieft en Aarm fir Merci ze soen, dann d' Dier zou)*

(D' Angela muss laachen a wëll nees zeréck an d' Haus wéi de Martin vun hanne lénks op d' Bühn kënnt.)

Szeen 12 (Angela, Martin)

(De Martin ass e frëndleche jonge Mann a legerer Aarbechtskleedung. E wierkt e bëssen opgereegt.)

Martin: Moien, Angela.

Angela: *(dréint sech un der Dier ëm an ass voller Freed wéi si de Martin gesäit)* Martin, gudd Moien. An? Alles Paletti bei Daer? Gëtt et eppes Neits?

Martin: Eppes Neits? Ech war gëschter nees zu Fréiseng am Studio an hunn e neien Demo opgeholl.

Angela: Wierklech? Dat ass esou cool. Ech wënsche der wierklech, dass du endlech mol eng Chance kriss an als neie Peter Alexander duerchstarte kanns.

Martin: Dat ass haut net méi esou einfach, an de 70er Joeren hätt dat besser geklappt.

Angela: Dat verstinn ech. Däerf ech däi neit Lidd eng Kéier héieren?

Martin: Gären.

Angela: Super. Wat dreift dech heihin?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Martin: Wann ech éierlech sinn ... dass ech dech hei baussen an och nach aleng treffen ... dat ass genau dat wat ech wollt. Ech sinn eigentlech hannert der hir.

Angela (*kann et bal net gleewen, erfreet*): Martin. Ass dat wouer?

Martin: Jo, ech wëll gären endlech emol offen an éierlech mat Daer schwätzen. Dat kënne maer jo oder?

Angela: Ma an ob maer dat kënnen. Du hues guer keng Anung wéi laang ech schonns dorobber waarden.

Martin: Du waarts do scho laang drop? Wierklech? Has Du schonn esou eppes geaant?

Angela: Eppes geaant? Wéi soll ech soen? Martin- maer lafen eis dach bal all Dag iwwert de Wee. Maer kennen eis scho méi wéi 10 Joer. Tëschent eis ass dach bal esou eppes wéi -

Martin: Genau. GENAU, sou gesinn ech et och. Dat ass esou eppes wéi eng Zort Séileverwandschaft, gell?! Ech hunn d' Gefill, dass Du an ech absolut keng Geheimnisser vun eneen hunn an iwwer alles - och iwwert di intiimst Saache - ganz oppen mateneen schwätze kënnen.

Angela: Jo Martin, dat kënne maer. Fir wat hu maer dat net scho méi fréi gemaach? Fir wat huet missen esou vill Zäit vergoen? Wann s de wéisst wat ech fir dech - .

Martin: (*huet dat lescht wat d' Angela gesot huet guer net matkrut an ënnerbrécht et*) Ma jo, et ass ëmmerhin e grouse Schratt, sou ganz offen - an ech mengen - also sou GANZ offen iwwert meng Gefiller ze schwätzen. Ech hu mech bis ewell net richtig getraut.

Angela: Maer geet et sécher genau esou.

Martin (*wonnert sech*): Jo? Du hues maer och eppes ze soen?

Angela: Ähm ... also ... Du traus dech also haut?

Martin: Richtig, well maer och soss keen aneren afält. Du bass dat eenzegt deem ech et soe wëll. Ech ginn einfach net méi domadder eens.

Angela (*ganz iwwerrascht*): Well der soss keen afält? Wat mengs de?

Martin: Angela. Héier. Ech wëll et net méi ënnerdrécken. An ech halen et op net méi aus.

Angela: Ech jo och net méi.

Martin (*wonnert sech*): Hues du dee selwechte Problem?

Angela (*versteet net méi*): Problem? Erziel einfach. Ech ënnerbriechen dech net méi.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Martin: Ech ... also wéi soll ech dat soen? Maer hunn d' Joer 2024* (*upassen). An am Zäitalter vun LGBTQAI+* (*ELL-DJI-BI-TI-KJU-EH EI-Plus) sollt ee ganz offen domadder ëmgoen, mengen ech.

Angela: Wat?

Martin: Sou, elo ass et eraus. Ech quäle mech net méi laang domadder erëm. An elo wëll ech gären endlech eppes dorunner änneren. An Du bass dat éischt, wat et gewuer gëtt.

Angela: Du wëlls ... Du wëlls eppes änneren? Wat soll dat heeschen?

Martin: Ech droe schonn zënter Éiwegkeete Frae Kleeder a schminke mech. A lo wëll ech dem Verstoppches Spill en Enn maachen ... Dat ass net just e Fetisch, verstees de?! Ech wëll eng Transformatioun. Ech wëll eng Fra ginn. – So elo ass et eraus.

Angela: *(ass ganz geschockt, a kuckt am Ufank wéi geläämt)* Du wëlls - Du wëlls eng Fra ginn? Mat enger Operatioun an esou? Dech richteg ëmbaue loossen?

Martin: Genau. Lo so maer éierlech deng Meenung do derzou.

Angela: *(méi haart)* Meng Meenung do derzou? *(fänkt spontan an haart u mat kräichen, geet schëtzeg an d' Haus vun den Toussaint, a knallt d' Dier zou)*

Martin: *(riff duerch d' Dier, versicht awer net se op ze maachen)* Angela. Wat ass dann elo lass? Wat ass dann dorunner esou schlëmm? Angela. Tja, da war dat wuel net dat Richtegt fir mäi Problem. *(zuckt mat de Schëlleren, a geet da lues seuzfend no lénks hanne vun der Bühn, kuerz Paus)*

Szeen 13 (Jean, Jamper)

De Jean kënnt vun hanne riets op d' Bühn. En huet e Kostüm, Hiem a Krawatt, an eng kleng Akte Mapp ënnert sengem Aarm. Séier, mat liicht veriergertem Gesichtsausdrock, geet hien zum Toussaint Haus. Schellt, klappt a waart.

Jamper: *(kënnt aus dem Haus)* Jean Metz. Gudde Moien.

Jean: Jamper, ob den Dag esou gudd ass bezweifelen ech. Maer musse mateneen schwätzen.

Jamper: Oh dat héiert sech jo direkt dramatesch un. Wat ass lass? Wëlls de erakommen?

Jean: Keng Zäit. Ech muss nach aner Saache klären. Du kanns der jo sécher denken wat ech alles fir di Mënschter Deeg z' organiséieren hunn.

Jamper: Jo, jo, mee sécher kënns du elo net mat schlechte Noriichten? De Kabes Uschnëtt ass jo sécher nach bei eis?

Jean: Sou wéi dat decidéiert gouf. Mee genee DOOOO ass de Knackpunkt.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Jamper: Knackpunkt? Wat da fir e Knackpunkt?

Jean: Jamper do gëtt et sécher eppes wat nach gekläert muss ginn. Du weess jo ech sinn zënter Joren Präsident vum Organisatiounskomitee.

Jamper: Jo sécher, an dat méchs de jo och gudd esou!

Jean: Meng Ouere sinn fir all Iddie oppen. Ech hunn näischt géint nei Iddien. **AWER:** Alles wat um Fest geschéie soll, gëtt an eise Comitésversammlungen beschwat, gëtt diskutéiert an dann ofgeleeënt oder ugeholl.

Jamper: Jo jo. Sou sollt et jo och an all Veräin sinn.

Jean: Da froen ech awer wat op emol eemol lass ass. Haut de Moien begéinen ech dem Susy Sangaklang bei der Bank an hat seet maer et hätt sech opgestallt fir "Miss Choucroutte" ze ginn.

Jamper (ertappt): Oh.

Jean: Ech hunn him do gesot, dass et sech sécher geiert huet a Kabes Presentatrice wollt ginn. Mee nee hat huet sech drugehal, dass dës Kéier di éischte Kéier am Festzelt eng "Miss Choucroutte" gewielt sollt ginn. An dunn huet et maer och nach e Flyer an d' Hand gedréckt. (*hëlt de Flyer aus senger Jackettentäsch, a liest of*). D' Kandidaturen fir d' Wiel vun der Mënschter Miss Choucroutte wgl. um Haff vun der Famill Toussaint erareeche. - A ganz Mënscht leien iwwerall Honnerten vun dësen Ziedelen. Kanns Du maer emol soen wat dat soll?

Jamper: Jo – haa, also di wonnerbar Iddie koum vum Emma. A si wollt der domadder net och nach zur Laascht falen. - Du hues dach - an dat weess all Mënsch - genuch ze dinn.

Jean: Jamper dorëms geet et net. Däin Emma kann net einfach eppes decidéieren ouni virrunner mam Komitee ze schwätzen. Wa jiddereen dat esou maache géif. Esou eppes muss virrunner beschwat ginn. Hei kann net jiddereen seng eegen Zëppchen kachen. Maer hunn dach zwou wonnerschéin Presentatricen mam Anne a mam Paula. Dat mécht dach guer kee Sënn. Fir wat elo och nach eng "Miss Choucroutte"?

Jamper: Ma weess de, de Kabes Uschnëtt ass jo dës Joer bei eis. Maer maachen de néie Bistro op, hunn di éischt Leit an eisem Vakanzenzëmmer an ech kréien der 70 Joer, do duechten d' Emma an ech esou e kleng Supplement wier dat richtegt - iergendeppes wat et virrunner nach net gouf.

Jean: Ma super. An dës Wiel däerf ech dann esou einfach an de Programm mat abauen? Oder wëll däin Emma d' Moderatioun iwwerhuelen?

Jamper: D' Emma? Moderatrice? Oh doriwwer huet et sech sécher nach keng Gedanke gemaach.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Jean Jo DAT hunn ech maer geduecht. - DEE Problem däerf ech LÉISEN. Mee ech sinn nach net fäerdeg. Fir eise Live-programm, d' Rieden, de Kannerchouer an fir de Recht hu maer ëmmer eng Open-air-bühn ...

Jamper: Super. Prima.

Jean: Prima? Virun enger hallwer Stonn krut ech en Uruff vun enger Firma déi ech guer net kennen, an déi hu mech gefrot wou di 2t Bühn hi sollt? Méi grouss, méi festlech a wat déi kascht, ka keen sech denken.

Jamper: Eng 2t Bühn? Also dovunner weess ech näischt.

Szeen 14 (Jean, Jamper, Laura)

(D' Laura koum wéi de Jamper säi leschte Saz gesot huet vun hanne lénks op d' Bühn. Si ass eng jonk Fra, elegant gekleet. Bal e bëssen overdressed, geschminkt, mat Posch. Si wierkt sympathesch, kann awer och eng fuerchtbar Gees sinn.)

Laura: Halli hallo.

Jamper: Moie Laura.

Jean: Moien.

Laura: Här Toussaint ass är Fra do?

Jamper: Äh ... jo, an der Kichen. Géi roueg bis eran.

Laura: Prima. *(geet schonn zur Dier a bleift stoen)* Sot ... ass dat wouer, wat ee sech schonn am ganzen Duerf verzielt?

Jean: Em Gottes Wëllen, net nach weider Katastrophen. Ech ka maer schonn eppes denken. Laura wat erzielt een sech dann esou am Duerf?

Laura *(ganz begeeschtert)*: Hei bei de Kabes Deeg soll dëst Joer warscheinlech d' Andrea Berg optrieden?

Jamper a Jean: W A T?

Szeen 15 (Jean, Jamper, Laura, Emma)

Emma *(kënnst spontan aus dem Haus)*: Fräck, lo ass et keng Iwwerraschung futsch. Wee konnt dann do nees net de Mond halen?

Jean: Emma, fir d'éischt emol Gudde Moien.

Laura: Halli hallo Madame Toussaint.

Emma: A Jo. Moen alleguer. Ech hunn do hannert der Fënster *(hannert der Dier falls keng Fënster do ass)* e bësse matkritt.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Laura: Stëmmt et dann Madame Toussaint? Kënnt d' Andrea Berg wierklech heihinner?

Emma: *(voller Freed)* Jooooooo. Ass dat net verréckt? Dat ass MENG perséinlech Iwwerraschung. Eigentlech sollt nach keen eppes dovunner wëssen.

Szeen 16 (Jean, Jamper, Laura, Emma, Angela)

(D' Angela kënnt ouni Schiartech, elo mat engem Akaf-Kuerf aus dem Haus, et gesäit nach ëmmer traureg aus.)

Laura: Angela, Wousst Du dat? D' Andrea Berg kënnt heihin.

Angela: Wat?

Jamper: Mäin Emma huet et fäerdeg bruecht dëse grouse Schlagerstar heihinner ze kréien. Ech mengen d' Andrea Berg! Dat ass dach déi Sensatioun. Di Lidder si schéin, hir Show ass gudd, hir Kleeder si wonnerbar. An déi Been. Dës Persoun ass Erotik pur a virun allem 100 % Fra!

(D' Angela kuckt kuerz op, fänkt dann nees haart u mat kräischen, an ass séier no hannen lénks fort.)

Szeen 17 (Jean, Jamper, Laura Emma)

Jamper: Wat huet HAT dann?

Emma: Keng Anung, dat geet schonn 10 Minutten esou.

Laura: Gesäit no Liebeskummer aus.

Jean: Ähm - zeréck zum Emma hirer Sensatioun, wann s du et wierklech fäerdeg bruecht hues e Superstar heihinner ze kréien dann ass dat grondsätzlech net falsch. Mee esou eppes muss ech wëssen. Net emol dovunner ze schwätzen wat dat kaschte wäert a wat do nach ob eis zoukënnt.

Szeen 18 (Jean, Jamper, Laura, Emma, Lilo, Berta)

(D' Berta an d' Lilo maachen hir Dier op a bleiwen do stoen, si kucken a lauschteren deenen aneren no, déi hu vun hinnen näischt matkrut.)

Emma *(stolz):* D' Käschten iwwerhuelen ech. Keng Angscht.

Jamper: Ah sou?

Jean: Domadder ass et net gedo. Wann d' Andrea Berg hei optrëtt, weess Du wat dann hei lass ass? D' Leit kommen vun iwwerall a jiddereen brauch eng Parkplaz a villäicht och en ënner Daach. Dat ass dach eng Fro vu Logistik. Sou eppes muss dach geplangt ginn. Ganz dovunner ofgesinn, gëtt hei och nach eng MISS gewielt, vun der ech elo grad eréischt d' Confirmatioun krut.

Emma: Jean, maach elo net an d' Box. Dat kréie maer och nach hin.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Laura: Apropos "Miss". Dofir sinn ech hei.

Jean (Emma a Jamper zesummen): A Jo?

Follgenden Dialog gött komplett duercherneen a virun allem gläichzäiteg geschwat:

Laura: Ma jo ech wollt mech opstelle loossen. Fir wat eigentlech net duecht ech. Ech gesinn gudd aus, kréien mol nees eng Chance an der Ëffentlechkeet ze stoen a stelle mech als Gewënner vir.

Jamper: Wat ëm aller Welt, kascht di Fra? Ech mengen, Emma, du soss du géifs si selwer bezuelen. Esou eppes muss ee virdrun mat maer ofschwätzen.

Jean: 14 Deeg virum Fest, maach der mech geckeg. Sou kann een dach net mat maer ëmgoen. Hu der iwwerhaupt eng Anung wat der do verbrach hutt?

Emma: Dat ass et hei an all di Joren net ginn. E Superstar bei de Kabes Deeg, an eng Miss-wal. Dat ass alles ganz aleng mäin Verdéngscht.

(da Schweigen, all kucken sech kuerz un)

Jamper: Ech proposéieren, maer schwätzen iwwert dat ganz an aller Rou bei enger Taass Kaffi. Averstanen?

Emma: Averstanen.

Jean: Also gudd, Mee vill Zäit hunn ech net.

Laura: Soll ech och?

Emma: Ma sécher. Wann s du kandidéiere wëlls, da muss ech dech dach opschreiwien. *(mécht d' Dier op)* Dann emol eran an di gudd Stuff. *(fort, d' Laura hannendrun)*

Jamper: Jean komm mat eran. Dat ginn di bescht Kabes Deeg déi et jee gouf. *(fort)*

Jean: *(ëmmer nach rosen)* Jo, Jo e Superstar- eng Miss Choucroute! Ech packen dat net. *(och zu der Dier fort)*

Szeen 19 (Lilo, Berta)

(Berta a Lilo kommen eraus.)

Berta / Lilo: Wat war dann dat do?

Lilo: Ech hu jo scho virdrunner gefrot ob dat heiten di richteg Plaz fir eis Vakanz ass?

Berta (sec): LILO, DU waars et dach wat net fléien, a net am Bus a mam Zuch wollt, scho vergiess? Also hal de Mond.

Lilo: Jo, Berta.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Berta: Ma also. Hei si maer an hei bleiwe maer. A wat dat fir e Spektakel war fanne maer och nach eraus. Maer hu jo soss näischt ze dinn.

Lilo: Jo Berta.

Berta (*nees an d' Haus, d' Lilo steet e bësse verluer do a kuckt an d' Haus, d' Berta kennt nees eraus*): Komm maer mussen eis frësch maachen an da geet et lass.

Lilo: Berta, wat geet lass?

Berta: Ma d' Schnoffelen. Fir eraus ze fannen wat hei net en der Rei ass. (*nees fort*)

Lilo: D' ass gudd Berta. (*och an d' Haus. Dier zou, kuerz Paus*)

Szeen 20 (Christian)

(*De Christian kennt mam Handy um Ouer aus dem Haus a leeft während en telefoniert hin an hir.*)

Christian: Et geet just nach ëm d' Miwwel vum Café. Jo genau. Déi fir do baussen. Di nächst Woch gi schonn d' Buden bei eis opgebaut. An der wëllt dach nach mat ärem Camion bei eis an den Haff kommen. Wann Daer dat wa méiglech nach virum nächste W.E. kéint maachen. Ok, dat ass gudd. Villmols Merci. Aeddi. (*ass fäerdeg mm telefonieren*)

Szeen 21 (Christian, Susy)

(*D' Susy kennt mat engem Kuerf voller Kabesblieder vu lenks schëtzeg op d' Bühn, geet bei d' Hausdier vun den Toussaint a stellt de Kuerf do of. Si gesäit de Christian am Ufank net well dee grad op der rechtser Säit vun der Bühn ass.*)

Christian: (*wéi grad d' Susy klappen oder schelle wëll*) O Susy, do bass de jo scho nees. Bass de maer awer net méi béis?

Susy: (*dréit sech zu him ëm*) Mat Daer schwätzen ech net méi. Dat hunn ech guer net néideg. Ëmmerhin sinn ech geschwënn d' Miss Choucroutte. Ech sinn dann d' Queen an et däerf ee maer dann d' Hand kessen. Du sécher net.

Christian: Komm nu sief nees gudd mat maer. Ech hu mech entschëllegt a just e Spaass gemaach. Ech kéint esouguer deng Hëllef gebrauche. Éierlech.

Susy: Meng Hëllef? DU? Wat da fir eng Hëllef? (*versicht dann iwwerhiefflech ze sinn*) Ech si maer net sécher op ech mech op esou e nidderege Niveau erofloosse wëll. Ech mengen ... sou als First Lady vu Mënscht.

Christian (*muss e Laachen ënnerdrécken*): Hoheit. Daer hutt recht. Wann ech Aech als e klénge Matbewunner ëm Rot froen däerf? (*mécht eng Verneigung*)

Susy: Also gudd. Ech wëll kucken wat ech maache kann. Ech ka jo mat kengem laang rose sinn. Wat hues du dann um Häerz?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Christian: Ma, du bass dach fir als Blödsinn oppen, woubäi Blödsinn net dat richtegt Wuert ass. Ech mengen Daer fält dat ganz Joer eppes an, wat bei deenen aneren NET de Fall ass.

Susy: Jo dat stëmmt. Villmools merci.

Christian: Du hues jo och virun et puer Méint de Fräsche-wäit-Worf an Liewen geruff.

Susy: Jo, wann och déi Kéier den Déiereschutz op d' Barrikade geklomme ass.

Christian: Egal. Jiddefalls hat ganz Mësncht dovunner geschwat. A virun allem vun DAER.

Susy (stolz): Jo, dat hu se.

Christian: Du has selwer eng Gesichtscrème zesumme gemëscht, ugebueden a verkaf, wouvunner ee ni méi Fale sollt kréien.

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstück
"Dat mécht de Kabes och net fett"*

**Wëll Dir dat ganz Theaterstück liesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.**

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstück

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousaatzheft zu de Rollen

Wann Aech dat Theaterstück gefalen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
www.mein.theaterverlag.de

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen oder Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Verfilmung, Rundfunk- und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich unser Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de – www.nrw-hobby.de